adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

n° 3301

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 8. Dezember 2020 hunn d'Gewerkschaften an Personalrepresentatioune vum edukativen a psycho-soziale Personal, ALEE/CGFP, APCCA/SEW/OGBL, APPSAS, SLEG/CGFP an SPEBS/CGFP en oppene Bréif un d'Deputéiert erausginn. Heizou wollt ech dem Minister e puer Froen stellen.

1. Kann den Här Minister bestätegen, datt d'groussherzoglecht Reglement vun 2009 iwwert d'Tâche vum Educateur gradué a vum Educateur an der Grondschoul, weiderhi bis haut gülteg ass?

2. Wéi steet den Här Minister zu engem Avis juridique, dee vun den uewe genannten Associatiounen ugefrot gouf, an dem Minister virläit, an dee seet, datt déi vum Minister gefuerdert Aarbechtskonditiounen net legal verankert sinn?

4. Kann den Här Minister bestätegen, datt hien oder/a säi Ministère vun den uewe genannten Associatiounen eng Rei vun „Demandes d'entrevue" an den 12 Méint virum 6. Oktober 2020 iwwermëttelt krut? Kann den Här Minister eis soen, wéi vill et der waren, an zu wéi engem Datum?

5. Kann den Här Minister bestätegen, datt zënter Juli 2019, also zënter 18 Méint, keen eenzegt Gespréich méi vun him oder vun engem Ministerialbeamte mat enger Gewerkschaft oder enger Personalrepresentatioun zum Thema Aarbechtskonditioune vum edukativen a psycho-soziale Personal am Enseignement stattfonnt huet?

6. Wéi steet den Här Minister zu den aktuelle Fuerderunge vun den uewe genannten Associatiounen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 L**
**463742**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3301 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Dat groussherzoglecht Reglement vun 2009 iwwert d'Tâche vum Educateur gradué a vum Educateur an der Grondschoul ass bis haut gülteg.

**Ad 2)**

D'Arbechtskonditioune vun enger Tâche hebdomadaire vu 44 Stonne leeden sech of engersäits vum groussherzogleche Reglement vun 2009 an anerersäits vum Gesetz vum Statut vum Fonctionnaire, dat beseet, datt am Kontext vun der Mise en application vum Compte d'épargne temps (CET) déi regulär Aarbechtszäit an der Woch ka bis zu 48 Stonne bedroen. En Avis juridique vum Educatiounsministère dozou ass un déi betreffend Gewerkschaften a Personalvertriedungen de 5. Januar 2021 adresséiert ginn a stoung um Ordre du jour vun enger Entrevue vum Minister mat de concernéierten Acteuren den 14. Januar 2021.

**Ad 3)**

An deenen 12 Méint virum 6. Oktober 2020 krut de Ministère 5 Demandë fir eng Entrevue an dëst zu den Terminer: 8. Oktober 2019, 4. Dezember 2019, 11. Februar 2020, 4. Mee 2020 an 31. Juli 2020.

**Ad 4)**

Nodeems wéint dem Ausbroch vun der Pandemie an dem Confinement eng Entrevue tëschent dem Minister an de Vertrieder vun de Gewerkschaften an de Personalvertrieder am Abrëll 2020 ofgesot ginn ass, gouf dëse Rendez-vous am Juli 2020, nom Confinement, nogeholl. Hei gouf sech mat de concernéierten Acteuren zesummegesat fir d'Dispositiounen, esou wéi se vun der aktueller Legislatioun virgesi sinn, duerzeleeën an déi besteeënd Tâchen nach emol ze preziséieren. Eng nächst Reunioun huet dunn de 6. Oktober 2020 stattfonnt. Hei gouf sech zesumme mat de Vertrieder vun de Gewerkschaften an dem Personal drop gëeenegt, d'Gespréicher a weideren Entrevuë virunzeféieren.

**Ad 5)**

Déi lafend Gespréicher tëscht dem Educatiounsministère an de Vertrieder vun de Gewerkschaften hunn zum Zil, fir ee géigesäitegt Verständnes vun de Besoine vun den impliz éierte Partner ze entwéckelen an sech gläichzäiteg awer och iwwert déi entspriechend Ëmsetzung an de Schoulen auszetauschen. Sollten déi Gespréicher weisen, datt Upassungen an der Ëmsetzung néideg sinn, wäert deem Rechnung gedroe ginn. Och Adaptatiounen oder Ännerunge vum besteeënde legale Kader sinn net vu vireran ausgeschloss, sollt sech heifir eng entspriechend Noutwennegkeet erausstellen.